N°4402
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Beim Uleeë vun enger neier Demande de dépôt um Portal vum Luxembourg Business Registers (LBR) gëtt verschiddenen Utilisateuren zanter kuerzem folgend Warnung ugewisen: « Attention : votre quota de demandes de dépôts autorisées n'est plus que de 5 demande(s). » Et existéiert also anscheinend e Quota, dee limitéiert, wéi vill Demandë vun engem Utilisateur agereecht kënne ginn — dëst obwuel all Dépôt individuell a am Viraus bezuelt gëtt. Weder d'Existenz vun dësem Quota, nach seng Héicht, nach seng Referenzperiod si fir de Public dokumentéiert: weder op guichet.lu, nach an den Hëllefssäite vum LBR, nach — soweit ersiichtlech — an der Loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés oder an hire Règlements grand-ducaux.

Empiresch Observatioune loossen drop schléissen, datt et sech ëm e kumulative Compteur iwwer déi lescht 30 Deeg handelt, deen duerch all agereecht Demande erofgeet an net erëm opgefëllt gëtt, wann eng Demande vum Gestionnaire validéiert an ofgeschloss gouf. Besonnesch bedenklech: och einfach Bestellunge vun Dokumenter — wéi Certificats de disponibilité de dénomination, déi guer keen Dépôt duerstellen — schéngen op dëse „Quota vun Dépôt-Demanden" ugerechent ze ginn.

Dës Limitatioun ass besonnesch problematesch am Kontext vun den ASBLen: fir eng Associatioun no der Loi du 7 août 2023 a Konformitéit ze bréngen, brauch et an der Praxis op d'mannst dräi getrennten Demarchen (Statutenännerung mat Dépôt vun de coordinéierte Statuten, Aktualiséierung vun de Mandataire respektiv vum Verwaltungsrot, an d'Deklaratioun um Registre des bénéficiaires effectifs). E net dokumentéierte Quota kann also direkt dozou féieren, datt eng Entitéit hir gesetzlech Publikatiouns- an Aschreiwungsflichten net anhale kann — mat de Konsequenzen, déi d'Gesetz dofir virgesäit (Majoratioune fir verspéiten Dépôt, Amenden, Inopposabilitéit vis-à-vis vun Drëtten, jo souguer

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

geriichtlech Opléisung).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ministesch d'Existenz vun engem Quota vun « demandes de dépôts autorisées » um Portal vum LBR confirméieren? Wéi héich ass dëse Quota, op wat bezitt hien sech (pro Utilisateur, pro Zertifikat, pro Entitéit?) a wat ass seng exakt Referenzperiod (Kalennermount, rullend 30 Deeg, oder anescht)? Gëtt de Compteur erëm opgefëllt, wann eng Demande validéiert, refuséiert oder zréckgezu gëtt?

2. Wéi eng Zorte vun Demandë ginn op dëse Quota ugerechent? Ass et korrekt, datt och einfach Bestellunge vun Dokumenter (z.B. Certificats de disponibilité de dénomination, Extraiten), déi keen Dépôt am Sënn vum Gesetz duerstellen, de „Quota vun Dépôt-Demanden" belaaschten?

3. Op wéi enger legaler Basis berout dëse Quota? Falls et keng explizit legal oder reglementaresch Basis gëtt: op wéi enger Grondlag hält de Gestionnaire vum RCS et fir zoulässeg, den Accès zu enger gesetzlech obligatorescher a bezuelter Demarche numeresch ze limitéieren, wëssend datt den Artikel 21 vun der Loi vum 19. Dezember 2002 d'Grënn fir e Refus limitativ reegelt?

4. Wat ass den Zweck vun dësem Quota (z.B. Protektioun géint Mëssbrauch, Kapazitéitsgrënn)? Firwat gouf en net ëffentlech dokumentéiert a kommunizéiert?

5. Wéi soll eng Persoun, déi benevole am Verwaltungsrot vu méi ASBLe sëtzt — eng Situatioun, déi am Veräinsliewe villfach virkënnt — hir gesetzlech Obligatioune fir all dës Entitéiten erfëllen, wann hire perséinleche Compteur no puer Demandë blockéiert? Selwecht Fro fir professionell Déposanten (Fiduciairen, Notariatsbüroen, Avocaten). Gëtt et eng Méiglechkeet, de Quota ze erhéijen oder eng Derogatioun ze froen, a wa jo, no wéi enge Critèren, iwwer wéi eng Prozedur an a wéi engem Delai gëtt doriwwer entscheet?

6. Wéi positionéiert sech d'Regierung zum Konflikt tëscht dësem Quota an de gesetzleche Flichten an Delaie vun den Entitéiten (z.B. Dépôt bannent engem Mount, Konformitéit vun den ASBLen no der Loi vum 7. August 2023, RBE-Deklaratiounen)? Wien dréit d'Responsabilitéit, wann eng Entitéit wéinst dem Quota hir Delaien net anhale kann? Verzichten de Gestionnaire respektiv d'Administratioun an deem Fall op Majoratiounen a Sanktiounen?

7. Wéi vill Utilisateuren hunn zanter der Aféierung vun dësem Mechanismus hire Quota erschëpft, a wéi vill Demandë goufen doduerch verhënnert oder verzögert?

8. Ass d'Regierung gewëllt, beim LBR drop hinzewierken, datt dëse Quota entweder ofgeschaaft, substantiell erhéicht oder op d'mannst transparent dokumentéiert gëtt, inklusiv enger klorer

Prozedur fir Ausnamen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten